

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 3. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Während der éischter Well vun der COVID-Kris am Fréijoer vun dësem Joer huet sech erausgestallt, datt net genuch Respirateuren zur Dispositioun stoungen, fir Patienten ze beootmen. Aktuell ginn et zwar am ganzen 152 Respirateuren, esou wéi d'Regierung dat matgedeelt huet, mee elo stellen sech awer Problemer beim Fleegepersonal, wat dës soll bedéngen. Dat geet op alle Fall aus engem oppene Bréif vun der Infirmièresassociatioun un de Staatsminister ervir. Deemno wunnen déi Infirmiere mat enger Spezialisatioun, fir kënnen d'Respirateuren ze bedéngen a beotemt Leit ze fleegen, zu 46 Prozent am Ausland. Zousätzlech besteet de Risiko, datt dëst Personal am schlëmmste Fall kéint vun de Nopeschlänner agezu ginn fir d'Vesuergung vun der eegener Populatioun.

Der Infirmièresassociatioun no ass et och esou, datt si elo an der Pandemie permanent dem Risiko ausgesat sinn, fir op eemol just nach op een Drëttel vum Fleegepersonal kennen zeréckzegräifen, well insgesamt 65 Prozent vum Personal am Ausland wunnt.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch:

1. Wat huet d'Regierung ënnerholl, fir ze garantéieren, datt genuch spezialiséiert Personal do ass, fir déi iwwer 150 Respirateuren ze bedéngen, am Fall wou d'Grenzgängerinnen a Grenzgänger net zur Verfügung stinn?
2. Gouf zënter dem Fréijoer zousätzlecht Personal forméiert, fir kënnen d'Respirateuren ze bedéngen?
3. Wäre et no all den Erfarungen, déi d'Land am Hibleck op d'COVID-Pandemie gemaach huet, net sënnvoll, eng generell Reform vum Gesondheits- a Fleege-system ze envisagéieren, déi der Noutwennegkeet géif Rechnung droen, datt speziell op Personal mat Wunnsätz hei am Land misst misst kënnen zeréckgegraff ginn? Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader kéint ee mat dem Ëmsetze vun dëser Reform rechnen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten